N°576
Entrée le 07.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°576 vum 4. Abrëll 2024 vun den éierbaren Deputéierte Ben Polidori a Marc Goergen**

Am Artikel 45 vum Akommessteiergesetz ass verankert, datt d'Betribskäschten ofzezéie sinn, wann d'Käschten exklusiv duerch d'Gesellschaft verursaacht gi sinn.

Déi steierlech Konsequenzen am Kader vum Bedreiwe vun enger Solaranlag ginn an der Circulaire L.I.R. n°14/2 vum 5. Juni 2023 beliicht. Do gëtt op 3 Méiglechkeeten higewisen, wou de Steierflichtegen déi ganz Stroumproduktioun un de Gestionnaire vum elektresche Réseau verkafe kann, de Stroum selwer verbraucht, respektiv een Deel verkeeft an de Rescht fir sech behält, fir privat, respektiv professionell Notzung falls d'Solaranlag sech och am Bilan vun der Gesellschaft befënnt.

Generell ginn d'Deplacementer vun engem Firmenauto am Faartebuch opgefouert, an d'Käschte vun de geluedene Kilowattstonnen (kWh) gi wéi all aner Käschten a Bezuch op de Firmenauto behandelt. Als Vereinfachung fir d'Berechnung vun de Luedkäschte vun engem Firmenauto kann de Kilowattstonnepräis vun der Stroumrechnung geholl ginn, dee mam Verbrauch vum Auto op den zréckgeluechte Kilometer verrechent gëtt. Dëst kann der Steierverwaltung mat enger Pièce probante matgedeelt ginn (wéi z.B. enger ausgestallter Rechnung wéi vill Kilowattstonne vum Elektroauto gezu goufen).

Lëtzebuerg, de 7. Mee 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth